N° 4688
Reçue le 20.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.07.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Wéi op enger Rei, an de Medie veröffentleche Fotoen ze gesi war, war notamment den Iechternacher Lycée vun de rezenten Iwwerschwemmunge staark betraff, mee och eng Rei aner Lycéeën, zum Beispill den Ermesinde an de geplangten EIMAB zu Miersch leien no laanscht Flëss. Bekanntlech war och d'Uertschaft Miersch selwer staark vun den Iwwerschwemmunge betraff.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär des Froe stellen:

1) Kann den Här Minister opschlësselen, wéi eng eenzel Lycéeë vum Héichwaasser betraff sinn?
2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi héich de Montant vun deenen entstanene Schied insgesamt ass, a wéi se sech no deenen eenzele Lycéeën opdeelen?
3) Kann den Här Minister opschlësselen, wéi eng spezialiséiert Fachinfrastrukturen (Biologie, Chimie, Physik, Konscht...) an deenen eenzele Lycéeë besonnesch betraff sinn? Ass scho bekannt, ob d'Héichwaasserschied sech no der Rentrée negativ op de Fonctionnement vun deenen eenzele Lycéeë kéint auswierken?
4) Huet d'Héichwaasser d'Bibliothéike vun eenzele Lycéeë betraff?
5) Goufe bei der Iwwerschwemmung Déngschtgefierer vun deenen eenzele Lycéeë beschiedegt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4688 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Vum Héichwaasser betraff waren de Lycée classique d'Echternach (LCE) an de Lycée Privé Emile Metz (LPEM). D'Lycéeën zu Miersch si vum Héichwaasser verschount bliwwen.

Ad 2)

Den Ament kann nach kee genaue Montant vun de Schied genannt ginn, weder am Gesamten nach fir déi eenzel Lycéeën, wëll déi genau Ënnersichungen an de Gebaier nach net ofgeschloss sinn. Et ass och zu dësem Zäitpunkt schwiereg, eng Estimatioun iwwer d'Schied ze maachen, well zum Beispill Schimmel sech dacks eréischt no e puer Méint feststelle léisst. Eréischt da weess een wéi eng Klassesäll musse komplett, zum Deel oder net brauche renovéiert ze ginn.

Ad 3)

Am LCE sinn de Metallatelier, de Schräineratelier, de Makerspace an de Fotostudio betraff, am LPEM d'Ateliere fir d'Ausbildung vun de Mecanicienen an och de Makerspace an een Informatiksall.

D'Héichwaasserschied wäerte net ouni Repercussiounen op déi nächst Schoulrentrée bleiwen. Et ass awer elo schon assuréiert, datt all d'Coursë kënnen organiséiert ginn.

Ad 4)

Jo, souwuel d'Bibliothéik vum LCE ewéi och déi vum LPEM ware vum Héichwaasser betraff.

Ad 5)

Et si keng Déngschtgefierer vu Lycéeën duerch d'Héichwaasser beschiedegt ginn.